



N° 4310
Reçue le 19.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.05.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro n°4107 hat ech opgrond vu Recherchen duerch ë.a. der brittescher Zeitung "The Guardian" nogefrot, wéi vill mannerjäreg Flüchtlingen zu Lëtzebuerg aus der Ophutt vum Staat verschwonnen sinn. D'Ministeren hunn erklärt, dass 75 Mannerjäreg verschwonnen sinn, éier d'Asyl-Prozedur lancéiert war, an dass 12 Mannerjäreg verschwonnen sinn, nodeems si hier Demande fir Asyl agereecht haten.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mannerjäreg, déi wéinst enger Asyldemande virstelleg goufen oder dës schonn agereecht haten, goufe säit 2016 als vermësst gemellt, mee konnten duerno erëm fonnt ginn? Wéi vill vun dëse Kanner sinn eng 2te Kéier verschwonnen?
2. Wat ännerhëllt d'Regierung, fir d'Situatioun ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

